Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°5117

Pertes de récolte et assurances agricoles

Déposée par: *Boonen Jeff*
Adressée à: *Hansen Martine, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture*
Déclarée recevable le: *14.11.2026*
Date limite de réponse: *14.12.2026*

Här Claude Wiseler

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 12. November 2026

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsministesch weiderzeleeden.

Déi aussergewéinlech héich Temperaturen am Summer hunn op ville landwirtschaftleche Betriber zu Verloschter bei der Recolte gefouert. Fir sech géint déi finanziell Konsequenze vun esou Ausfäll ofzesécheren, kënnen d'Baueren eng Versécherung ofschléissen. De Staat bedeelegt sech mat 65 Prozent un der Versécherungsprimme.

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 4734 vum 12. Oktober huet d'Madamm Landwirtschaftsministesch drop higewisen, datt d'Berechnungen zu den Drécheschied vum Summer nach net definitiv ofgeschloss wieren. An deem Kontext géif ech gär follgend Froe stellen:

• Sinn d'Berechnungen an d'Ausbezuelunge vun den Ernteausfäll mëttlerweil ofgeschloss?

o Falls net, wéini ass domat ze rechnen?

• Wéi héich ass de Gesamtbetrag vun den Entschiedegungen, déi bis elo fir Verloschter bei der Recolte ausbezuelt goufen, a wéi vill Betriber hunn dovu profitéiert?

• No wéi enge Krittäre goufen d'Drécheschied um Gréngland bewäert an entschiedegt?

o Wéi vill Betriber hunn dofir eng Entschiedegung kritt a wéi héich ass de Gesamtbetrag vun dësen Ausbezuelungen?

• Kann d'Madamm Ministesch bestätegen, datt eenzel Betriber trotz héijen Drécheschied um Gréngland keng Entschiedegung vun hirer Versécherung kruten?

o Wa jo, wéi ass dat ze erklären?

o Wa jo, wéi eng?

• Wéi héich ass de Gesamtbetrag vun de Versécherungsprimme fir dat betraffent Recoltejoer?

o Wéi vill dovun hunn d'Betriber selwer gedroen a wéi héich war d'Bedeelegung vum Staat?

• Wéi bewäert d'Madamm Ministesch d'Wierksamkeet vun der staatlecher Bedeelegung un de Versécherungsprimmen?

• Huet d'Regierung gegebenenfalls wëlles, de private Versécherungssystem weider an der aktueller Form ze ënnerstëtzen, oder si Verbesserunge bezéiungsweis ergänzend Instrumenter virgesinn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Jeff Boonen

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°5117 vum 14. November 2026 vum éierewäerten Deputéierten Jeff Boonen

- **Sinn d'Berechnungen an d'Ausbezuelunge vun den Ernteausfäll mëttlerweil ofgeschloss?**

Laut Informatioun vun der Versécherungsgesellschaft mat där d'Baueren eng Assurance ofgeschloss hunn sinn d'Berechnungen an d'Ausbezuelunge, bis op e puer Eenzelparzellen, ofgeschloss. Dës wäerte viraussiichtlech bis Enn November och ofgeschloss sinn.

  - **Falls net, wéini ass domat ze rechnen?**

Di reschtlech Dossiere wäerte viraussiichtlech bis Enn November och ofgeschloss sinn.

- **Wéi héich ass de Gesamtbetrag vun den Entschiedegungen, déi bis elo fir Verloschter bei der Recolte ausbezuelt goufen, a wéi vill Betriber hunn dovu profitéiert?**

Laut eiser Info an nom Stand vum 18. November 2026:

Am Ganzen, all Kulturen zesumme geholl, ass bis zu dësem Zäitpunkt eng Zomm vun 9.972.929 € Schued berechent an ausbezuelt ginn. Vun den 886 Betriber, déi fir 2026 eng Versécherung ofgeschloss haten, hu 581 Betriber eng Entschiedegung kritt.

- **No wéi eng Krittäre goufen d'Drécheschied um Grénglan bewäert an entschiedegt?**

D'Versécherung géint Drécheschied am Grénglan ass eng Indexersécherung. Dëst heescht, datt am Fall vun engem Schued net pro verséchert Fläch eng Expertise gemaach gëtt, mee den entstanene Schued un Hand vun de Gesamtnidderschlagswäerter wärend enger bestëmmter Period an där offizieller Wiederstatioun vum AGRIMETEO-Netz, an där hirem Rayon d'Fläch läit, berechent gëtt. Eng Opnam vum Schued op der Plaz gëtt net gemaach well sou eng Expertise vum Drécheschued vun all eenzelner Grénglandparzell net méiglech ass.

Déi gemoossen Nidderschlagswäerter sinn ëffentlech a kënnen zu all Ablack op www.agrimeteo.lu consultéiert ginn.

Fält de gemoossenen Nidderschlag staark ënner den Duerchschnëtt vun der Referenzperiod (2012–2025), da kréien d'Betriber eng Entschiedegung. D'Berechnung vum Nidderschlagsdefizit geschitt iwwer de Wee vun zwou Miessperioden: d'Vegetatiounsperiod (01. Abrëll bis 30. August) an d'Schnëttperiod (jeeweils en zesummenhängenden Zäitraum vun 49 Deeg an der Vegetatiounsperiod, wat deemno op insgesamt 3 Schnëtt rauskënnt).

Bei der Berechnung vum Schued gëtt déi fir de Bauer virdeelhaftst Method geholl. Dëst heescht: ass déi iwwert d'Vegetatiounsperiode berechent Entschiedegungszomm méi héich wéi déi iwwert d'Schnëttperiod berechent Entschiedegung, gëtt déi Zomm fir d'Vegetatiounsperioden ausbezuelt (an ëmgekéiert).

Jee nodeem wou de Betrib läit, kann de Bauer ënnerscheeden ob en ee méi héije Risiko un Drécheschied fir d'Fläche vum Betrib erwaart, oder ob hien de Risiko méi kleng aschätzt. Ofhängeg dovun, wéi eng Risikostuf gewielt ginn ass, verännert sech de Montant vun der Versécherungsprimm an och d'Franchise op de Schied.

Franchise: D'Entschiedegung gëtt laut Kontrakt tëschent der Versécherung an den betraffen Baueren eréischt ab engem Nidderschlagsdefizit vun 31%, respektiv 36 %, (jee no versécherter Risikozon) ausbezuelt. Déi éischt 30%, respektiv 35 % si net Entschiedegungs berechtegt.
Fir d'Joer 2026 ass an deene meeschte Fäll d'Berechnung vun der Entschiedegung iwwert d'Schnëttperiod méi héich ausgefall.

- **Wéi vill Betriber hunn dofir eng Entschiedegung kritt a wéi héich ass de Gesamtbetrag vun dësen Ausbezuelungen?**

Nom Stand vum 18. November 2026:

Vun deenen 220 Betreier, déi fir 2026 eng Versécherung géingt Drécheschied am Grénglandofgeschloss hunn, hunn 217 Betriber eng Entschiedegung kritt. 196 Betriber hunn méi Entschiedegung kritt wéi se u Primmen abezuelt hunn (déi staatlech Bäihëllef agerechent). Dat ganzt Produkt huet eng Schuedensquot vun 129 %.

Fir d'Grénglandversécherung vun 2026

- sinn am ganzen 2.183.386 € u Beiträg (staatlech Bäihëllef agerechent) abezuelt ginn, an
- et sinn Entschiedegunge fir d'Grénglandan Héicht vun 2.818.806 € un déi verséchert Betriber ausbezuelt ginn.

- **Kann d'Madamm Ministesch bestätegen, datt eenzel Betriber trotz héijen Drécheschied um Grénglandkeng Entschiedegung vun hirer Versécherung kruten?**

- **Wa jo, wéi ass dat ze erklären?**

Jo, laut eisen Informatiounen huet d'Auswäertung vun den Donnéeë vun der relevanter Wiederstatioun erginn, datt de Nidderschlagsdefizit an eenzelne Fäll ënner 30 % respektiv 35 % läit am Verglach mat der Moyenne vun den Nidderschléi aus der Referenzperiod (2012–2025). No den am Kontrakt, tëschent der Versécherungsgesellschaft an dem Bauer, festgehalene Konditioune fir Drécheschied um Grénglandgëtt da keng Entschiedegung ausbezuelt.

Dëst sinn ablécklech déi vertraglech festgehale Reegele bei der Grénglandversécherung.

- **Wa jo, wéi eng?**

Laut eiser Info goufen op de Wiederstatioune vu Gréiwemaacher a Steesel di nidderegst Defiziter gemooss. Sou sinn hei awer am Juli an August zesummen zu Steesel 76 Liter an zu Gréiwemaacher 83 Liter Nidderschlag gemooss ginn.

- **Wéi héich ass de Gesamtbetrag vun de Versécherungsprimme fir dat betraffent Recoltejoer?**

Déi fir 2026 insgesamt vun de Betriber bezuelten Versécherungsprimmen - déi staatlech Bäihëllef mat agerechent - belafen sech aktuell netto op 9.111.014 €.

- **Wéi vill dovun hunn d'Betriber selwer gedroen a wéi héich war d'Bedeelegung vum Staat?**

- D'Betriber hunn 3.279.873 € selwer bezuelt,
- De Staat huet 5.831.141 € bäigeluecht.

- **Wéi bewäert d'Madamm Ministesch d'Wierksamkeet vun der staatlecher Bedeelegung un de Versécherungsprimmen?**

Déi staatlech Bedeelegung vu 65 % un de Versécherungsprimmen dréit dozou bäi, datt d'Betriber sech zu méi abordabele Käschte géint Ertragsausfäll ofséchere kënnen. Bis den 18. November goufen am Ganze knapp 10 Milliounen Euro u Schied berechent an ausbezuelt.

- **Huet d'Regierung gegebenenfalls wëlles, de private Versécherungssystem weider an der aktueller Form ze ënnerstëtzen, oder si Verbesserunge bezéiungsweis ergänzend Instrumenter virgesinn?**

D'Regierung wëll hir Ënnerstëtzung fir ee Versécherungssystem bäibehalen.
Gläichzäiteg ass d'Regierung sech bewosst, dass den aktuelle Versécherungssystem seng Limitten huet, besonnesch fir déi Liewensmëttelkulturen, bei deenen de Risiko vun Dréchent net verséchert ka ginn, awer och deelweis am Gréngland bei extremer Dréchent. Dofir soll am Dialog mam landwirtschaftleche Secteur an de Versécherungsgesellschafte gekuckt ginn, wéi de System weiderentwéckelt an eventuell ergänzt ka ginn.
Zousätzlech huet d'Regierung fir Uebst, Geméis an d'Drauweproduktioun cibléiert Hëllefe mat enger virgesinner Enveloppe vun 3,1 Milliounen Euro geplangt.

Lëtzebuerg, den 24. November 2026
(s.) Martine HANSEN
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau